FOYERS SENIORS ASBL sicht fir hirt

Club Haus op der Heed zu Hëpperdang

Diploméierten Erzéier

CDD fir ee Congé parental ze ersetzen vum 01.12.2024 bis 30.06.2025

(40 Stonnen/Woch - Convention collective SAS/carrière C4)

Wat ass d'Aufgab vum Mataarbechter:

- Sech ëm den Accueil vun de Client'en am Club këmmeren an duerfir suergen, datt Leit sech wëllkomm fillen
- Leit iwwert de Club an seng Offeren informéieren
- Workshops an Aktivitéiten organiséieren an och leeden
- Aktivitéiten a pedagogesch Projet'e mam Team duerchféieren
- D'Offer beschreiwen a redaktionell opschaffe fir d'Publikatioun vum Programm
- Administrativ Aufgaben erleedegen, déi am Zesummenhang mat der Aarbecht vum Educateur stinn

Wat gëtt nach erwaart:

- Eng vertrauensvoll Bezéiung zu de Clienten opbauen.
- Sécherstellen, datt Ziler vum Club ëmgesat ginn, dat heescht:
    - Förderung a Befäegen zum liewenslaange Léieren,
    - Sensibiliséierung fir Virdeeler vu kierperlecher a mentaler Aktivitéit an all Alter
    - Virbereedung op Pensioun
    - Ënnerstëtzung vun der individueller a kollektiver Entwécklung vum erwuessene Mënsch
    - Sozial Kontakter erméiglechen an domat géint d'Isoléierung vu Mënschen an eiser Gesellschaft virzegoen.

Äre Profil :

- Diplom vum Educateur(trice) diplômé(e) oder equivalent den zu Lëtzebuerg unerkannt ass
- Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch verstoen, schwätzen a schreiwen kënnen
- Gutt Computerkenntnisser
- Dir sidd professionell a bereet zu flexibelen Zäiten ze schaffen
- Dir hutt Equippegeescht an är Kolleegen an äre Patron kennen sech op iech verloossen
- Dir sidd motivéiert a maacht är Aarbecht mat Freed an Iwwerzeegung
- Dir sidd organiséiert an dynamesch a fannt Léisunge bei Schwieregkeeten

Wat bidde mir:

- Eng kleng motivéiert Equipe déi Freed un hirer Aarbecht hutt
- Eng ofwiesslungsräich Aarbecht wou ee Méiglechkeet kritt selwerSaachen ëmzesetzen
- Bezuelung nom SAS-Kollektivvertrag C4

Schéckt Är Kandidature mat enger Kopie vun ären Diplomer bis den 19.10.2024 un:

Club Haus op der Heed

Mme la Présidente Liliane Frising

2, Kaesfurterstrooss

L-9755 Hupperdange